

Dir Dammen an Hären,  
Léif Éieregäscht,  
Léif Schüelerinnen a Schüeler,

Am Numm vun der Direktioun vum Kolléisich begréissen ech iech alleguerte ganz häerzlech op eiser éischer *Journée nationale des premiers secours au sein des lycées*, di am Kader vum 20. Anniversaire vun eisem Éischt Hëllef Team Kolléisich an d'Liewe geruff ginn ass.

Besounesch begréisse wëll ech

- de Verrieder vum Educatiounsminister, Marc Michely,
- d'Veriederin vum Gesondheitsminister, Monique Putz,
- eisen Directeur honoraire Jos Salentiny a fréiere Chef de groupe vun eisem Éischt Hëllef Team Henri Mousel,
- d'Kolleginnen a Kollegen aus den Direktiounen vun de Lycéeën,
- d'Verieder vun der Médecine scolaire, dem CGDIS, dem Luxembourg Resuscitation Council, an der Associatioun vun den häerzkranken Kanner,
- d'Madamm Petra Schüffelen vun der Universitéit Maastricht,
- d'Instrukteren,
- d'Verieder vun der BGL,
- d'Elterevertieder an d'Anciens de l'Athénée.

Dir Dammen an Hären,  
Léif Schüelerinnen a Schüeler,

et ass mat Stolz, grousser Satisfaktioun a Respekt, mat deenen ech op di läscht 20 Joer zeréckkucken, 20 Joer, an deenen aus der 1998 beschlossener Initiativ, en Éischt Hëllef Grupp ënnert der Devise „Schüler hëllef Schüler“ ze grënnen, een effikas, duerchstrukturéiert a professionell organiséiert Éischt Hëllef Team entstan ass, dat entretemps fest an der Struktur vun eiser Schoul verankert ass. Au fil du temps an dank dem groussen Asaz vun de verschiddene Chefs de groupe an Direktiounen vum Kolléisich konnt d' EHTK sech stänneg duerch d'Mise en place vun enger Infirmerie, duerch reegelméisseg Formatiounen vun eise Secouristen an der Éischer Hëllef an duerch eng systematesch Kooperatioun mat externe Partner professionaliséieren, esou datt et ee wesentleche Bäitrag zu der Sécherheet vun eiser Communauté scolaire bäidréit.

Ech verzichten drop, weider technesch a spezifesche Aspekter iwwert d' EHTK hei ze developpéieren, well ech dës Aufgab deene Leit iwwerloossen, di dat en toute connaissance de cause maache kënnen an deenen de Merite zousteet, nämlech eisem Chef de groupe Jean-Lou Gindt an de ville Schüelerinnen a Schüeler, di sech als Secouristen am Alldag fir hir Matmënschen asetzen. Hei wär ech dann och am vif

du sujet ukomm, well et ass mir wichteg, kuerz op di mënschlech an- nenne mer et philosophesch – Aspekter vun engem Éischt Hëllef Team anzegoen.

Empathie, den Interêt un eise Matmënschen, Verantwortungsbewosstsäin an Engagement si Wäerter an Dugenden, di sech an eiser Gesellschaft, di sech leider ze oft duerch Gläichgëltegkeet an Ewechkucke charakteriséiert, zum Deel rar maachen. An enger Zäit vun Hyperindividualiséierung sti ganz gären di sougenannten Ich-AG, den Investissement an seng eege Persoun an den eegene Bien-être am Virdergrond. Alles, wat dës Vie en rose perturbéiere kéint, gëtt ausgeblennt. An Zäite vu verbaler a physischer Gewalt a vu Radikalisatioun gi sech ëmmer méi Gedanken- an dat bis an di héchste politesch Sphären- gemaacht, wéi een eis abendländesch Wäerter erëm méi a besser an eisen Alldag integréiere kéint. D'Schoul an hirer Funktioun, zukünfteg responsabel Bierger auszubilden, spillt an deem Kontext eng wesentlech Roll, well si niewent hirem Bildungsauftrag och d'Flicht huet, di Jugendlech - a soumat eis Zukunft -, op d'Liewe virzubereeden. Natierlech ginn a ville Fächer Wäerter vermëttelt, mee ausschlaggebend ass, datt Wäerter net nëmmen theoretesch Konzepter bleiwen, mee datt si gelieft ginn. Et geet net duer, ze denken an ze diskutéieren, mee et muss gehandelt ginn- richtegt Handeln ass näischt anescht ewéi eng Konkretiséierung a Realisatioun vu Wäerter.

Wann jonk Mënschen an der Schoul sech fräiwëlleg fir hir Matmënschen engagéieren, da liewen si Mënschlechkeet, Hëllefswilligkeit an Engagement, Interêt um Anere vir. Eist Éischt Hëllef Team an all di jonk Secouristen, déi et uechtert d'Land an deenen anere Schoule gëtt, beweisen, datt mir – entgéint der pessimistescher Meenung, fréier wär alles besser gewiescht – flichtbewusst Jugendlecher hunn, deene keen Effort ze vill ass, fir sech an den Déngscht vun hire Matmënschen ze stellen. Mir kënnen stolz sinn op eis jonk Secouristen, di an hirer Hëllefswilligkeit an an hirem Altruismus mat Sécherheet ee Virbild sinn, wéi een eng liewenswäert Gesellschaft gestalte kann. En Éischt Hëllef Team verkierpert a lieft eng ganz Rei Valeuren, di hautdesdaags méi wichteg si wéi jee: Teamgeescht, Zesummeschaffen, Matfillen, op den Aneren oppassen an him hëllefen- dat si keng Selbstverständlechkeete méi, an trotzdeem ginn et se nach, dank de Mënschen, di sech fir anerer asetzen.

Am Kader vun dësem 20. Anniversaire wëll ech dofir an éischer Stell iech jonk Secouriste vum EHTK mäi Respekt fir ären Engagement an ee grouse Merci fir är excellent Aarbecht am Alldag fir eis Communauté scolaire ausdrécken. Deeselwechte Merci geet un all di jonk Secouristen aus deenen anere Schoulen an un all di professionell Secouristen, déi eist EHTK net nëmmen ënnerstëtzen, mee och am Alldag de Bierger vun dësem Land hëllefswillig zur Säit stinn. Ouni Ënnerstëtzung vun dem Personal an der Direktioun wär esou ee Projet ewéi d' EHTK net méiglech gewiescht, esou datt ech och eise Chefs d'équipe, dem Henri Mousel, dee bis zu senger Pensioun aktiv eise Secouristen-Grupp organiséiert an entwéckelt huet, dem Jean-Lou Gindt an dem Myriam Gessner, deenen aktuell keen Effort ze grouss ass, fir eist EHTK weiderzebréngen,

an dem Jos Salentiny, deem als Directeur adjoint an Direkter de Grupp aktiv ënnerstëtzt  
huet, ee grouse Merci soen.

Am Numm vun der ganzer Communauté scolaire vum Kolléisch wëll ech iech  
Secouristen ausdrécken, datt mir all ären Asaz éierlech appreciéieren. Maacht weider  
esou.

Claude HEISER  
Direkter vum Kolléisch